Gemengerot

29. Abrëll 2022

Present: De Buergermeeschter, Félix Eischen (CSV), d'Schäffen, Marc Bissen (LSAP) a Romain Kockelmann (CSV), d'Gemengeconseilleren, Larry Bonifas (déi gréng), Guy Breden (CSV), Nathalie Heintz (LSAP), Lucien Koch (CSV), Guy Kohnen (CSV), Patrick Krecké (DP), Claudine Meyer (LSAP) an André Noesen (déi gréng); de Gemengesekretär, Marco Haas

Entschëllegt: /

Ufank vun der Sëtzung: 08.30 Auer

All Punkte vum Ordre du Jour goufen eestëmmeg ugeholl.

Geschlosse Sëtzung

1. Gemeng Kielen – Nominatioun vun engem Beamten an d'Gemengesekretariat an der Karriär B1

De Gemengerot huet kee Kandidat an d'Karriär B1 fir d'Gemengesekretariat zeréckbehalen. Dee besote Poste gëtt nach emol ausgeschriwwen.

2. SEA – Kënnegung vun engem Gemengenemployé an der Karriär D1, sous-groupe éducatif et psycho-social

De Gemengerot huet d'Kënnegung vun engem Gemengenemployé an der Karriär D1, sous-groupe éducatif et psycho-social ugeholl.

Ëffentlech Sëtzung

Matdeelungen

De Félix Eischen (CSV) mécht déi ëffentlech Sëtzung op a gëtt d'Wuert un de Romain Kockelmann (CSV), deen d'Membere vum Gemengerot iwwer d'Chèque-Iwwerreechung vum Chrëschtmaart informéiert, déi Mëttwoch de 4. Mee 2022 stattfënnt. Hei krit d'Juki Asbl fir hire Projet JUKI-UKRAINE, zesumme mat der Associatioun LUkraine Asbl, e Chèque vun 3.000,- € iwwerreecht. Weiderhin informéiert hien iwwer d'Soirée des nouveaux résidents, déi den 18. Mee ab 19h00 bei der Rotonde vum Schoulhaff geplangt ass. Well duerch d'Corona-Pandemie keng sou eng Soirée konnt organiséiert ginn déi lescht 2 Joren, hu ronn 100 Leit sech ugemellt, fir un dëser Soirée deel ze huelen. Et hunn sech och eng Rei lokal Veräiner gemellt fir den neien Awunner hir Aktivitéiten ze presentéieren. Samschdes den 21. Mee feiert dann den FC Kielen hire 75. Gebuertsdag. Hei geet et un mat enger Zeremonie am Museksall an um 18h15 geet de Cortège mat der Kielener Musek a Richtung Stade Albert Berchem.

De Marc Bissen (LSAP) bericht vum Workshop iwwert d'Mobilitéit mat Uni.lu an Zesummenaarbecht mam ACL, dee Méindes de 25. Abrëll 2022 war. Hei ass et iwwert de Projet vum Carsharing gaangen. Et handelt sech em e Mobilitéitsprojet wou mer e Grupp vu ± 30 Leit aus verschidde Beräicher vun der Gemeng zesumme stellen a kucken, wat déi verschidde Besoine vun deenen eenzele Leit sinn. An dësem Workshop gouf och de Plan national de mobilité virgestallt. An där nächster Sëtzung vun der Mobilitéitskommissioun gëtt dësen dann ausernee geholl an duerch gekuckt.

D'Nathalie Heintz (LSAP) informéiert iwwer d'Generalversammlung vum Office Regional du Tourisme (ORT). Hei gouf decidéiert, dass d'Kotisatioun ab 2023 vun 3 op 4,- €/Awunner gehéicht misst ginn. Dëst fir den Defizit auszegläichen, och well mëttlerweil ëmmer méi Membergemenge bäi kommen.

De Félix Eischen deelt mat, dass am Centre Culturel zu Nouspelt, deen dem Office National de l'Accueil (ONA) zur Verfügung gestallt gouf, 66 Plaze virgesi goufen. Mëttlerweil si 9 Ukrainesch Flüchtlingen am Centre ënnerbruecht. De Site an d'Leit gi vun der ONA, zesumme mat der Caritas déi all Dag uwiesend sinn, encadréiert. Och am Gebai op 10 rue de l'Ecole zu Nouspelt, kéint nach eng Flüchtlingsfamill ënner Daach kommen.

Zum Schluss informéiert de Félix Eischen nach iwwert d'Ënnerschrëftesammlung am Kader vum Referendum iwwert d'Modifikatioun vun der Constitutioun, déi vum 9. Abrëll bis de 9. Mee ass. Hei gouf et bis haut 4 Ënnerschrëften.

3. Akten a Compromisen

3.1 Compromis fir de Kaf vun enger Parzell zu Nouspelt an der Dondelerstrooss

De Gemengerot huet de Compromis mam Här Léon Emile STOMP vu Bour, deen de 24. Februar 2022, tëscht dem Schäfferot an dem Här STOMP ënnerschriwwe gouf, ugeholl. Mat deem Compromis keeft d'Gemeng Kielen dem Här STOMP eng Sträif vu 0,84 Ar, laanscht d'Dondelerstrooss (Lous 15 a 16), Parzellen 798/4785 a 798/4786, um Lieu-dit "Bei Oideberg" of. D'Utilité publique vun dësem Kaf besteet an der Regularisatioun vun Emprisen, déi duerch den Amenagement vun engem Chemin à mobilité douce, entstane sinn.

3.2 Compromis fir den Tosch vu Parzellen zu Kielen an der rue du Cimetière

De Compromis mat der Firma TD Invest S.A., deen den 20. Abrëll 2022 tëscht dem Schäfferot an dem Här Tun OZDEMIR, Representant vun der Firma TD Invest S.A., ënnerschriwwe ginn ass, gouf vum Gemengerot ugeholl. Mat dësem Compromis tauscht d'Gemeng Kielen d'Parzell 2043/XXX3 vu 0,02 Ar, géint d'Parzell 2043/XXX2 vu 0,05 Ar, um Lieu-dit "rue du Cimetière" zu Kielen. D'Utilité publique vun dësem Tosch besteet an der Regularisatioun vun Emprisen, déi duerch de Reamenagement vun der rue du Cimetière zu Kielen entstane sinn.

3.3 Verkafsakt fir de Kaf vun enger Parzell zu Ollem um Lieu-dit "Bd Robert Schuman"

!!! De Rapport vum Gemengerot vum 03. Juni 2022 gëtt am Buet vum Mount September/Oktober veröffentlecht. !!!

De Gemengerot huet den Akt mat der Firma Cenaro Sàrl ugeholl, deen den 21. Mäerz 2022 tëscht dem Schäfferot an der Firma Cenaro Sàrl ënnerschriwwe gouf. Mat dësem Akt keeft d'Gemeng Kielen der Firma Cenaro Sàrl, en Deel vun der Parzell N°720/2243 (Lous1), vu 0,07 Ar um Lieu-dit "Bd Robert Schuman" zu Ollem of. D'Utilité publique vun dësem Kaf besteet an der Regularisatioun vun Emprisen, déi duerch de Reamenagement vum Bd Robert Schuman zu Ollem entstane sinn.

3.4 Verkafsakt fir de Kaf vun enger Parzell zu Kielen um Lieu-dit "rue Brameschhof"

Den Akt deen den 21.03.2022 tëscht dem Schäfferot an de Bridder Fernand a Roger Raymond HILGERT ënnerschriwwe ginn ass, gouf vum Gemengerot ugeholl. Mat deem Akt keeft d'Gemeng Kielen de Gebridder Fernand a Roger Raymond HILGERT eng Parzell N°2277/5845 vu 0,40 Ar zu Kielen um Lieu-dit "rue Brameschhof" of. Déi kafte Fongen hunn den Amenagement vun der Rue Brameschhof zu Kielen als Utilité publique.

3.5 Verkafsakt fir de Verkaf vun enger Parzell zu Kielen um Lieu-dit "A Bäichel"

De Gemengerot huet den Akt, deen den 21.Mäerz 2022 tëscht dem Schäfferot an der Mme Marie Adélaïde Charlotte MASSELTER-LUTGEN ënnerschriwwe gouf, ugeholl. Mat deem Akt, verkeeft d'Gemeng Kielen eng Parzell N°799/7438, vu 0,08 Ar, um Lieu-dit "A Bäichel" zu Kielen, un d'Mme Marie Adélaïde Charlotte MASSELTER-LUTGEN.

3.6 Tauschakt vu Parzellen an der Dondelerstrooss zu Nouspelt

De Gemengerot huet den Tauschakt mam Här Jean Nicolas Camille GENGLER, deen den 21.Mäerz 2022 tëscht him an dem Schäfferot ënnerschriwwe gouf, ugeholl. Mat deem Akt tauscht d'Gemeng d'Parzell N°798/5086 vun 0,01 Ar, um Lieu-dit "Bei Oideberg", géint d'Parzellen N°798/5092 an 798/5093 vun am Ganzen 0,07 Ar, um Lieu-dit "rue de Dondelange" zu Nouspelt. Dest Stéck Terrain ass net méi vun Utilité publique, dofir gouf et un d'Mme Masselter-Lutgen ofgetrueden. Dësen Tosch huet als Utilité pubique, d'Regularisatioun vun Emprisen, déi duerch de Reamenagement vun der Dondelerstrooss zu Nouspelt entstane sinn.

3.7 Tauschakt vu Parzellen an der Dondelerstrooss zu Nouspelt

De Gemengerot huet den Tauschakt mat der Association Momentanée Hélène GROBER Sàrl-Movilliat Promotions SA, deen den 21.Mäerz 2022 tëscht hier an dem Schäfferot ënnerschriwwe gouf, ugeholl. Mat deem Akt tauscht d'Gemeng d'Parzell N°798/5081 vun 0,09 Ar, um Lieu-dit "rue de Dondelange", géint d'Parzell N°798/5094 vun am Ganzen 0,01 Ar, um Lieu-dit "rue de Dondelange" zu Nouspelt. Dësen Tosch huet als Utilité pubique, d'Regularisatioun vun Emprisen, déi duerch de Reamenagement vun der Dondelerstrooss zu Nouspelt entstane sinn.

3.8 Verkafsakt vun enger Parzell zu Ollem an der rue de Capellen

Den Akt, deen den 21.Abrëll 2022 tëscht dem Schäfferot an der Firma Casa Pro Concept Sàrl ënnerschriwwe ginn ass, gouf vum Gemengerot ugeholl. Mat deem Akt huet d'Gemeng der Firma Casa Pro Concept Sàrl d'Parzell N°9/2837 vu 0,13 Ar, um Lieu-dit "rue de Capellen" zu Ollem verkaf. Dësen Tosch huet als Utilité pubique, d'Regularisatioun vun Emprisen, déi duerch de Reamenagement vun der rue de Capellen zu Ollem entstane sinn.

4. Verschidde Subsiden

4.1 Subside fir Associatiounen

Op Virschlag vum Schäfferot hält de Gemengerot folgend Subsiden, vu jeeweils 125,- € fest:

CLAE ASBL; MemoShoa Luxembourg Asbl; ALAN - Maladies Rares Luxembourg; Tukwataniise ; Île aux clowns ; Fondation Dr Elvire Engel; Action Avenir Haïti; World Rescue Challenge; Treffpunkt ADHS ASBL; Amicale du Groupe Cynotechnique Asbl; UNICEF Luxembourg; Fondation Kriibskrank Kanner; Luxembourg Pharmaciens sans frontières; AEHGD; Amnesty International; Les amis du Tibet; Care Luxembourg; Association Luxembourgeoise des groupes sportifs pour cardiaques; FËBLUX; Fondation Cancer; Lux-Lagos ASBL; Fondation Lëtzebuerger Blannevereenegung; Fir d'Kanner a Latäinamerika ; Nouvelle PNP ASBL; Handicap International; Sécurité routière; 454545 Sos Détresse; Chrëschte mam Sahel ; Ordre de Malte Luxembourg; Natur & Emwelt; CSI Lëtzebuerg

Mat Ausnam vun der Association nationale des Victimes de la Route, vun der Sécurité routière, si kruten en Don, wéi all Joers, vu 500,- €. De Grond ass deen, dass d'Sécurité Routière hire Subside au prorata vun der Awunnerzuel vun de Gemengen rechent.

4.2 Chrëschtmaart 2021

Um Chrëschtmaart 2021, dee vun der Integratiounskommissioun organiséiert gouf, ass e Boni vun 1.102,57 € entstanen. Doropshin huet de Schäfferot decidéiert, fir den Don, deen dovunner sollt un d'JUKI Asbl fir hire Projet JUKI-UKRAINE goen, op 3.000,- € ze erhéijen. De Gemengerot huet dës Propose ugeholl.

5. Musekscourse vun der Gemeng Kielen – Upassung vun den Droits d'Inscription

De Gemengerot huet d'Upassung vun den Tariffer, en vue vun deem neie Gesetz, ugeholl.

6. Regional Museksschoul Westen - Commission consultative de surveillance vum Enseignement Musical – Ersatz vun 2 Gemengendelegéierten

Duerch d'Kënnegung vum Guy SCHOLTES, als Gemengeconseiller, an duerch dem Nicolas BERTON säin Depart an d'Pensioun, hu missen 2 nei Delegéierter an der Commission de surveillance vum Enseignement musical vun der Regionaler Museksschoul Westen gestëmmt ginn. D'Mme Nathalie HEINTZ, sou wéi den Här Steve BRÜCK goufen vum Gemengerot noméiert.

7. Règlement interne iwwer d'Prozedur vun der Verdeelung vun de Kanner an deene verschiddene Schoulklassen

De Gemengerot huet d'Propositioun vun der Schoulkommissioun, fir d'Artikele 6, 7, 8 an 12 vum interne Reglement bezüglech der Prozedur vun der Verdeelung

vun de Kanner an deene verschiddene Schoulklassen, unzepassen, ugeholl.

8. Verschidden Devisen

8.1 Devis bezüglech dem Kaf vun engem neie Minibus fir de SEA

Den Devis vun 49.725,- €, fir de Kaf vun engem neie Minibus fir de SEA, dee vum Service Technique opgestallt ginn ass, gouf vum Gemengerot ugeholl.

8.2 Devis bezüglech der Erneierung vun 2 Ball-Opfang-Netzer, sou wéi der Fourniture an der Liwwerung vun 2 Kabinne fir Ersatzspiller um Stade Albert Berchem zu Kielen

De Gemengerot huet déi 2 Devisen, bezüglech der Erneierung vun 2 Ball-Opfang-Netzer fir 15.210,- € TTC, sou wéi der Fourniture an der Liwwerung vun 2 Kabinne fir Ersatzspiller fir 8.424 € TTC um Stade Albert Berchem zu Kielen ugeholl.

8.3 Devis bezüglech dem Reamenagement vun der Koppleschterstrooss zu Meespelt, dem ewechhuele vu MacAdam ronderëm den Terrain beim Stade Albert Berchem zu Kielen, sou wéi der Erneierung vun dem Belag vun de Weeër ëm d'Terraine vum Stade Albert Berchem zu Kielen

De Gemengerot huet d'Devisë bezüglech dem Reamenagement vun der Koppleschterstrooss zu Meespelt, dem ewechhuele vu MacAdam ronderëm den Terrain, sou wéi der Ernierung vun dem Belag vun de Weeër beim Terrain vum Stade Albert Berchem zu Kielen, fir en Total vun 107.055,00 € TTC ugeholl.

8.4 Devis bezüglech dem Kaf vun engem Spullweenchen

De Gemengerot huet den Devis fir e Spullweenche vun 58.000,41 € TTC, dee vum Service Technique opgestallt gouf, ugeholl.

9. Ënnerdeelunge vun Terrainen

9.1 Ënnerdeelung vun engem Terrain zu Kielen op 15, Juddegaass

De Gemengerot huet de Projet vum Büro GEOCAD Géomètre officuels Sàrl vum 14. Oktober 2021, fir d'Firma Baumeister-Haus SA ugeholl. Dëse Projet besteet doranner fir d'Parzell 2140/5848 vun 21,50 Ar, op 15, Juddegaass zu Kielen, an 2 Lousen ze deelen.

9.2 Ënnerdeelung vun engem Terrain zu Kielen op 1A, rue du Cimetière

De Gemengerot huet de Projet vum Büro BCR Sàrl vum 21.Oktober 2021, fir d'Firma TD Invest Lux SA ugeholl. Dëse Projet besteet doranner fir d'Parzell 2043/7373, vu 6,20 Ar, zu Kielen op 1A, rue du Cimetière an 3 Lousen ze deelen.

9.3 Ënnerdeelung vun engem Terrain zu Kielen A Bäichel

De Gemengerot huet de Projet vum Büro Geolux G.O. 3.14 vum 15.Mäerz 2022, fir den Här Michel Paul Nicolas Petit, ugeholl. Dëse Projet besteet doranner fir d'Parzelle 788/6537 vu 6,7 Ar, A Bäichel, an 2 Lousen ze ënnerdeelen.

9.4 Ënnerdeelung vun engem Terrain zu Kielen an der rue Belle-Vue

De Gemengerot huet de Projet vum Büro Geolux G.O. 3.14 vum 11.Abrëll 2022, fir d'Mme Nancy Grandjean an den Här Xavier Anne Emmanuel Schmit, ugeholl. Dëse Projet besteet doranner fir d'Parzell 820/5753 vu 5,78 Ar an 3 Lousen ze ënnerdeelen.

10. Chancëgläichheetskommissioun - Nominatioun vun engem Member

D'Propose vun déi gréng fir d'Mme Danièle GRAAS-LUCCHINI vu Nouspelt als Member an d'Chancëgläichheetskommissioun ze wielen, gouf vum Gemengerot ugeholl. D'Kommissioun besteet soumat elo aus 17 Memberen.

11. Verkéiersreglementer

De Gemengerot confirméiert dem Schäfferot seng 9 Drénglechkeetsreglementer fir de Verkéier an der Dondelerstrooss zu Nouspelt, an der rue Pierre Dupong zu Keespelt, an der Nouspelterstrooss zu Kielen, an de Stroosse Simmerschmelz, Dondelange a Potiers zu Nouspelt, an der Ollemerstrooss zu Kielen, an der rue du Moulin zu Dondel an an der rue Napoléon 1er zu Ollem, ze reegelen.

Presentatioun vun den Objektiver fir d'Gemeng Kielen am KlimaPakt 2.0

Eise Klimapaktberoder, den Här Thierry Lagoda, huet de Membere vum Gemengerot, sou wéi och dem Public déi wichtegst Objektiver fir d'Gemeng am KlimaPakt 2.0 méi no bruecht. Hien huet déi wichteg Tâchen am Kader vum Klimapakt erkläert, déi och zum gréissten Deel scho vun der Gemeng erfëllt sinn. Zu deenen ënnert anerem d'Designatioun vun engem Klimaschäffen, d'Mise en place vun engem Klimateam, d'Definitioun vun den Objektiver fir déi verschidden Indicateuren, an déi regional

Kollaboratioun déi zu all Moment soll consideréiert ginn, gehéiert. Eng Tâche, déi et nach ze erfëlle gëllt, ass d'Präsentatioun vum Programm EEA, deen 1 mol d'Joer um Ordre du Jour vum Gemengerot muss stoen.

Et gëtt souwuel obligatoresch Indicateure wéi och där fakultativer. Ënnert deenen 8 obligatoreschen Indicateure fënnt een z.B. d'Consommatioun vu Waasser um Gemengenterritoire/Awunner am Dag, d'Consommatioun vun erneierbarer Wäermt/gesammt Verbrauch vun der Wäermt, Stroumverbrauch/Energiebezuchsfläch, Deel vun Elektroautoe vum Fuerpark vun de Gemengenautoen, Evolutioun vun der Realisatioun vum KlimaPakt, etc. Ënnert deene 19 fakultativen Indicateure fënnt een z.B. D'Preventioun vun Offall, den Tri vum Offall, den Elektreschverbrauch vun dem Eclairage public, Unzuel vu Luetstatioune pro 1.000 Awunner, Unzuel un Autoen/Awunner, Finanziell Ënnerstëtzung déi Järlech pro Awunner verdeelt gouf, etc.

All Berichter kënnen op eisem Internetsite an der Rubrik „Mediathéik" nogekuckt ginn (www.kehlen.lu/mediatheque) oder scannt einfach de QR-Code